PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Staark Reefäll am brasilianesche Bundesstaat Rio Grande do Sul hunn an an de leschten Deeg zu extremen Iwwerschwemmunge gefouert. Méi wéi 88.000 Mënschen hunn hier Haiser a Wunnenge misste verloossen. D'Haaptstad Porto Alegre war temporär komplett iwwerschwemmt a vill Persoune gi vermësst oder hunn d'Iwwerschwemmung net iwwerlieft.

An de leschte Méint gouf Brasilien ëmmer nees vun extreme Wiederevenementer wéi Starkreen oder Hëtzewelle getraff, wat mat vill Leed fir d'Bevëlkerung verbonnen ass. Och e puer Dausend Letzebuerger:innen liewen am Rio Grande do Sul a si concernéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Plangt eis Regierung dem Bundesstaat Rio Grande do Sul a sengen Awunner:inne mat konkreten Hëllfsmoossnamen zur Säit ze stoen?
2. Falls jo: Wéi eng Hëllefsmoossname si geplangt bzw. goufe schonns ausgefouert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten